N° 8173
Entrée le 21.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.07.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/07/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

D'Escher Police sollt een neie Policebüro kréien. Dofir war och schonn een Terrain am Gespréich, dee mengen Informatiounen no awer elo net un d'Police an de CGDIS, mee nëmmen nach un de CGDIS soll goen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister dës Informatioune confirméieren?
    - Wa jo, ass schonn eng nei Plaz fir d'Police festgeluecht?
    - Wa nee, denkt de Minister net, dass hei scho genuch Zäit vergaangen ass, an et am Dossier méi schnell muss viru goen?
2. Firwat ass dës Decisioun geholl ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N° 8173
Entrée le 17.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro n° 8173 vum 21. Juli 2021 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen**

**Ad 1) Ad 2)**

Et ass richteg dass zimmlech laang zu Esch gekuckt ginn ass fir en adequaten neie Site fir déi ganz Servicer vun der Regionaldirektioun ESCH (haut „Region SUD-OUEST") an dem Escher Deel vun der Police Judiciaire, déi haut nach um Boulevard Kennedy schaffen, ze schaaffen. Aus enger Rei vu Grënn wor et schwiereg en adequaten Site fir e grouss Policegebai zu Esch ze fannen.

D' Situatioun ass elo sou dass an deene leschten 2 Joer d'Haaptgebei um Boulevard Kennedy renovéiert ginn ass, an dass en neie Kommissariat fir de Quartier Gare just niewendrun gebaut gëtt (fir en Kommissariat op 2 Schichten)

Desweideren gëtt et eng rezent Decisioun dass déi ganz Servicer vun der Regionaldirektioun ESCH („haut Region SUD-OUEST) an dem Escher Deel vun der Police Judiciaire zu Raemerech beim Rond-Point deemnächst en neit Gebai gebaut kréien.
Mat der Entscheedung daat d' Autobunn geréckelt ginn ass , huet sech do eng adequat strategesch Platz fonnt.
Op dem Site wäert dann dat neit 3 Schichten-Kommissariat vun Esch souwéi och d'Fourrière Süden entstoen. D'Planung fir déi néideg Infrastruktur lafen op Héichtouren – Pläng existéieren an engem Avant-projet.

Lëtzebuerg, den 17. August 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX